Duerch Bichen- an Dännebëscher, laanscht romantesch Baachen féiert **den neie VTT Parcours** den d'Gemeng Säll zesummen mat hiren Noperen, de Gemengen Béiwen, Täinten a Miersch organiséiert huet. D'**Naturverwaltung** huet logistesch a finanziell Ënnerstetzung geleescht.

E puer kräfteg Bierger ginn e bësschen an d'Been, mais dofir gëtt en belount duerch schnell Descenten an abenteuerlech Singletrailen.





Verschidde Passagen verlaangen schon eng gewëssen Erfahrung.





**Départ** ass beim **Wäschbuer** no bei der Décker Eech an der Sortie vu Säll no Réiden.

En éischten Tour S1 féiert iwer 19 km durch d'Bëscher vun denen 4 Gemengen.
Verschidde Passagen sinn eppes méi schwiereg, besonnesch nom Reen, a sinn mat Warnschëlder gezeechent.

**Den Helm ass Pflicht!**

Et kann een awer och sech mat 9 km zefridde ginn, déi dem Wee vum Fitnessparcours noginn.
Dat ass den Circuit S2.



Néischt verhënnert déi ganz Sportlech mam S1 unzefänken an déi 9 km vum S2 nach hannendrun ze hänken.



printshop24.lu - Fotos: Clausse Tun

Säller Gemeng
Commune de Saeul

# S- de neien VTT Parcours zu Säll

**3 Distanzen : 9 / 19 / 28 km**

Eng Initiativ vun de Gemengen
**Säll, Béiwen/Atert, Téinten a Miersch**

an Zesummenarbecht mat der
Naturverwaltung
Arrondissement Centre-Ouest




# de neie VTT Parcours

Départ:

Wäschbuer Hëlzent
zu Säll

Virum Départ d'Schëld mat de Secherheetsbestëmmungen liesen.

Helm ass Pflicht!

Respektéiert w.e.g. d' Natur an de Code de la route!

Respektéiert w.e.g. déi aner Benotzer vum Bësch!

Circuit S1 — 19 000 m

Circuit S2 — 9 000 m

S1 + S2 — 28 000 m